

Mee 2024



# INVITATIOUN

## KONFERENZ: Gesondheetsbildung 2.0: Männer- a Jongengesondheet am digitalen Zäitalter

Léif Kolleginnen, léif Kollegen,

heimat wëlle mir lech häerzlechst op eis „Konferenz  
Gesondheetsbildung 2.0: Männer- a Jongengesondheet am digitalen  
Zäitalter“ invitieren, déi am Kader vum Erasmus+ Projet „**HelpMen**  
- **Train the trainer** *Ein Ausbildungskonzept und -programm zur  
Männergesundheitsbildung in Europa*“ hei zu Lëtzebuerg organisiert  
gëtt. Eise Beitrag un der E-Learning Plattform dréint sech primär em  
Themen Sexuell- an Psycheschgesondheet. Dir kritt déi ganz  
Plattform an de Projet hannendrunner virgestallt.

**Mellt lech w.e.g. bis den 26. Abrëll un.  
D'Plaze si limitéiert!**

### Programm:

**09h45:** Accueil

**10h00:** Begréissung

**10h10:** Virstellung vum Projet an der E-learning Plattform

**11h00:** Ënnerschiddlech Methoden ausprobieren

**11h30:** Froen an Austesten vun der Plattform

**12h00:** Oofschloss



**SCHËTTER**  
JUGENDHAUS



Schëtter

**infoMann**  
actTogether asbl



Mit finanzieller Unterstützung  
durch das EU-Programm  
Erasmus+



Erasmus+

Wéini?

Freides  
03. Mee 2024  
vun  
10h00 bis 12h00

Wou?

Centre Culturel zu  
Schëtter  
185 Rue Principale  
5366 Munsbach  
Schuttrange

INFOMANN

39, rue de Bouillon  
L-1248 Luxembourg

[www.infomann.lu](http://www.infomann.lu)

[info@infomann.lu](mailto:info@infomann.lu)

Tel. : 274 965

D'Sportskommissioun an Zesummenaarbecht mat der  
Gemeng Schëtter invitéieren Iech op déi dësjäreg

# MARCHE *Gourmande*

**09/05/2024**

Dëse kulinarischen Trëppeltour vun ongeféier  
12,3km zitt sech iwwer en markéierte Parcours  
mat 5 Etappen.

**Depart an Arrivé am Centre Culturel zu Minsbech**

*Umelle kënn Dir Iech iwwer de Site vun der Gemeng  
Schëtter vun 01/04/2024 bis den 30/04/2024*

**[www.schuttrange.lu/inscription-en-ligne](http://www.schuttrange.lu/inscription-en-ligne)**

# MENU

1. Etappe: Accueil mat Kaffi a Croissant
2. Etappe: Geméiszopp an Aperitif
3. Etappe: Blanquette mat Bäilag
4. Etappe: Kéisteller a Wäin Degustatioun
5. Etappe: Dessert a Kaffi

---

**65 € pro Erwuessenen**  
**25 € fir Kanner vun 6-14 Joer**  
**gratis fir Kanner vun 0-5 Joer**  
INCLUSIV GEDRÉNKS UM STAND



D'Sportskommissioun an d'Gemeng iwwerhuele keng Verantwortung am Fall vun engem Accident oder soss engem Incident. **Keer Remboursement am Fall vun der Net-Participatioun.**

**11.05  
2024**

**09h00  
-  
13h00**



**Schëtter  
Maart**

# Fairtrade-Wochen um Maart

LU

**Léif Matbiergerinnen, léif Matbierger,**

Heimat invitéiere mir lech ganz häerzlech op de Schëtter Maart, Samschdes, den 11. Mee 2024 vun 09:00 Auer un.

**Zousätzlech zu eise Stänn organiséiert de Fairtrade-Grupp vun der Schëtter Gemeng zesumme mam WeltButtek Esch eng Degustatioun vu Fairtrade-Produiten.**

Hei kennt Dir ënnert anerem Fairtrade-Kaffi, Drénkschockela, Schockelasbotter, Schockela, Chips an Nëss probéieren a kafen.

Bis de Samschden.

FR

**Chers citoyens,**

Nous vous invitons cordialement au « Schëtter Maart », samedi le 11 mai 2024 à partir de 09h00.

**En plus de nos kiosques, le groupe Fairtrade de la Commune de Schuttrange en collaboration avec WeltButtek Esch vous invitent à une dégustation de produits Fairtrade.** Ici, vous pouvez essayer et acheter, entre autres, du café, des boissons à base de chocolat, du beurre au chocolat, du chocolat, des chips et des noix

Jusqu'à samedi.

EN

**Dear residents,**

We warmly invite you to the “Schëtter Maart”, Saturday, May 11th, 2024 from 09:00 a.m.

Additionally to our stands, **the Fairtrade group of the Commune of Schuttrange in collaboration with WeltButtek Esch invites you to a tasting of Fairtrade products.**

Here you can try and buy fair trade coffee, chocolate drinks, chocolate butter, chocolate, chips and nuts.

See you on Saturday.



# Kuchen - Bak Concours

LU

Léif Awunner,

Heimat invitéiere mir lech ganz häerzlech op eisen Kuchen - Bak Concours, **Samschdes, den 11ten Mee ëm 11:00 Auer um Schëtter Maart.** (Place de l'Église)

Mir sichen de schéinsten  
an de leckersten selwer  
gebakene Kuch!



## E puer Regelen:

- ▶ Vum 1. bis de 14. Mee si Fairtrade Wochen. Dofir soll am Kuch op **d'mannst ee Fairtrade-Produkt sinn. ( z.B. Schockela, Nëss, Banannen)**  
(Oppasse bei der Auswiel vun den Ingredienten: et gëtt um Maart kee Frigo!)
- ▶ Ee Kuch pro Persoun.
- ▶ De Concours ass op **fir Grouss a Kleng.**
- ▶ Et gëtt 4 Kategorien: de schéinste Kuch an de leckerste Kuch, jeeweileg fir Erwuessener a fir Kanner. (14 Joer inclus)
- ▶ D'Gewënner komme mat Foto an de Schëtter Gemengebuet a kréien e klenge Cadeau.
- ▶ Nom Concours gëtt all Kuch versteet. **Den Erléis geet un d'Blëtz asbl.**  
(eng Associatioun fir Betroffener vu Betroffener vun enger Gehierverletzung)
- ▶ De Kuch muss **virun 10.00 Auer um Maart of gi sinn.**  
(mat Rezept an der Info wat fir e Fairtrade-Produit benotzt gouf)

Umelle bis spéitstens Freides den 3. Mee 2024 via Email  
un [kultur.schuttrange@gmail.com](mailto:kultur.schuttrange@gmail.com)

FR

Chers citoyens,

Nous aimerions vous inviter chaleureusement à notre Concours de gâteaux, **samedi, le 11 mai à 11:00 au marché de Schuttrange.** (Place de l'Église)

#### Quelques règles :

- ▶ Du 1er au 14 mai ont lieu les semaines Fairtrade. C'est pourquoi, le gâteau **doit contenir au moins un produit Fairtrade. (p.ex. : chocolat, noix, bananes)** (Attention: Pas de frigo sur le marché !)
- ▶ Un gâteau par personne.
- ▶ Le concours est ouvert **aux adultes et aux enfants.**
- ▶ Il existe 4 catégories : le plus beau gâteau et le plus délicieux gâteau, pour adultes et enfants. (14 ans inclus)
- ▶ Les gagnants auront une photo dans le Schëtter Gemengebuett et recevront un petit cadeau.
- ▶ Après le concours, chaque gâteau sera vendu aux enchères. **Les bénéfices iront à l'asbl Blëtz**
- ▶ Le gâteau doit être livré **au marché avant 10 heures** (avec recette et informations sur le produit Fairtrade utilisé)

Inscrivez-vous au plus tard le 3 mai par mail à [kultur.schuttrange@gmail.com](mailto:kultur.schuttrange@gmail.com)

EN

Dear citizens,

We would like to warmly invite you to our Cake competition, **Saturday, May 11<sup>th</sup> at 11:00 at the market in Schuttrange.** (Place de l'Église)

#### Some rules:

- ▶ From the 1st to 14th of May are the Fairtrade weeks. This is why the cake must contain **at least one Fairtrade product. (e.g. chocolate, nuts, bananas)** (Attention: there are no fridges on the market!)
- ▶ One cake per person.
- ▶ The contest is open **to adults and children.**
- ▶ There are 4 categories: the most beautiful cake and the most delicious cake, for adults and children. (14 years old included)
- ▶ The winners will have their picture in the Schëtter Gemengebuett and will receive a small gift.
- ▶ After the contest, each cake will be auctioned off. **The profits will go to the non-profit association Blëtz.**
- ▶ The cake must be delivered **at the market before 10 a.m.** (with recipe and information on the Fairtrade product used)

Register until May 3<sup>rd</sup> by mail to [kultur.schuttrange@gmail.com](mailto:kultur.schuttrange@gmail.com)



# Vide-Greniers um Maart

LU

Léif Matbierger,

Falls dir drun interesséiert Är Saachen um Schëtter Maart verkafen, biede mir lech, lech sou fréi wei méiglech unzemellen.

## DATUMER A UMELDUNG

### 11. Mee 2024

Umeldung bis den 1. Mee

### 08. Juni 2024

Umeldung bis den 29. Mee

### 13. Juli 2024

Umeldung bis den 03. Juli

### 10. August 2024

Umeldung bis den 31. Juli

Opriichten ass um 8:00 an  
d'Ofraumen um 13:00.

Bei schlechtem Wieder oder vill Sonn biede mir lech en Zelt oder Prabbellen matzebréngen. En Dësch an eng Bänk kënn Dir bei Ärer Umeldung ufroen.

**De Verkaf ass op eege Responsabilitéit.  
D'Gemeng kennt net fir Saachen déi geklaut, verluer oder futti ginn op.**

FR

Chers citoyens,

Si vous souhaitez vendre vos affaires au marché de Schuttrange, veuillez-vous inscrire le plus tôt possible.

## DATES ET INSCRIPTION

### 11 mai 2024

Inscription jusqu'au 1er mai

### 08 juin 2024

Inscription jusqu'au 29 mai

### 13 juillet 2024

Inscription jusqu'au 03 juillet

### 10 août 2024

Inscription jusqu'au 30 juillet

Installation à 8h00 et rangement à 13h00.

Vous pouvez installer des parasols ou une tente pour vous protéger des conditions météorologiques. Veuillez indiquer si vous avez besoin bancs et/ou tables lors de votre inscription.

**La vente se fait sous propre responsabilité.  
La commune décline toute responsabilité en cas de vol, perte ou dégâts.**

EN

Dear citizens,

If you are interested in selling your items at the market in Schuttrange, please register as soon as possible.

#### DATES AND REGISTRATION

**May 11th, 2024**

Registration until May 1st

**June 8th, 2024**

Registration until May 29th

**July 13th, 2024**

Registration until July 3rd

**August 10th, 2024**

Registration until July 30th

Set up is at 8 a.m. and take down at 1 p.m.

You are welcome to install umbrellas or tents to protect yourself from the weather conditions. Benches and tables can be requested upon registration.

**The sale is at your own risk. The commune does not take responsibility for stolen, lost or damaged items.**

*Dir sidd interesséiert oder hutt Froen zum Vide-Greniers? Da kontaktéiert eis iwwert:*

*Vous êtes intéressé ou avez des questions sur le Vide-Greniers ? Alors contactez-nous via :*

*Are you interested or have questions about the Vide-Greniers? Then contact us via:*

**Administration de la Commune de Schuttrange - Relations Publiques**

**Tel.: (+352) 35 01 13 - 283 / 284**

**Email: [relations.publiques@schuttrange.lu](mailto:relations.publiques@schuttrange.lu)**





„LA PETANQUE“ DE LA COMMUNE DE SCHUTTRANGE

ORGANISE SON

# 6ème SEASON-OPEN

## SAMEDI, LE 11 MAI 2024



AU BOULODROME DE MUNSBACH

*(ancienne école à Munsbach)*



**Nohaltegkeetscharta**  
Gemeng Schëtter  
Mäi Veräi mécht mat beim Klimaschutz

**ARRIVEE : 9h30**



**DEBUT DU TOURNOI : 10h00**


Inscrivez votre équipe de max. 3 personnes au « Café de la Gare » à Munsbach

Ou par E-mail : [munom@pt.lu](mailto:munom@pt.lu)

Inscription : 20€ par équipe

Grillades à partir de 12h00

BAR OUVERT TOUTE LA JOURNEE



# KOMMT OP DEN 2. REGIONALE KLIMA- A BIODIVERSITÉITS DAG

12 Mee 2024 • 10:00 bis 17:00

Ressourcencenter zu Minsbech  
12, rue Jacques Lamort



**Interaktiv Stänn, Workshops, Spiller,  
Live Virtrëg vun Expertinnen an Experten  
an nach viles méi zum Thema:**

**MIR HUNN NËMMEN ENG ÄERD.**



De ganze Programm fir  
Grouss a Kleng fannt Dir op  
[klimadag.lu](http://klimadag.lu)

Schöster  
musek

ZESUMME MAT DE JONGBLÉISER

18.05.2024

20:00 AUER

CENTRE CULTUREL  
MINSBECH



GALA CONCERT 2024  
VU KLASSIK BIS SWING

DIREKTION: LEROY VANDIVINIT



Lëtzebuurger  
Guiden a Scouten

# 10th International Celtic Festival

## Neihaischen / Schuttrange



[www.bealtaine.lu](http://www.bealtaine.lu)

# 18.–19. Mai 2024

Fireshow

**Samedi:**

**18.05.2024 11h00 – 22h00 Fireshow**

**Dimanche:**

**19.05.2024 11h00 – 19h00**

Presentatioun vum keltische Liewen an  
Handwerk

Live Musek, Feiershow, Verkafsstänn...  
während den zwee Deeg

Les habitants de la commune de  
Schuttrange, bénéficient de l'entrée  
gratuite au Festival Bealtaine sur  
présentation de leur carte d'identité

  
Schëtter





# nopesch la fête des voisins fest 24/05/24

nopeschfest.lu



Follow us



LU

Léif Noperen,

Geschwënn ass et erëm sou wäit. Dëst Joer **de 24. Mee** féinnt dat traditionellt Nopeschfest statt. Wéi lo schonn e puer Joer mécht d'Gemeng Schëtter och dëst Joer rëm bei dësem Projet mat dee geduecht ass e bessere Kontakt änner Noperen ze kréien. Bei engem Glieschen an engem Häppchen bitt sech d'Geleegeenheet sech als Nopere besser kennenzelieren oder nei Bekanntschaften ze man.

Wann Dir interesséiert sidd an Ärer Strooss oder an Ärem Quartier e klenge Festchen ze organisieren, da mell lech bei der Madame Annick GUT am Gemengesekretariat (Tel. 35 01 13 222 oder E-Mail: annick.gut@schuttrange.lu) **bis den 19. Mee 2024**. D'Gemeng hëlleft lech Är Strooss ofzesëcheren fir an enger relaxer Atmosphär kënnen zesummen ze sëtzen. Dir kritt wéi déi Joere virdrun och erëm Dreckskeëschten bereet gestallt.

**Mir soen lech am Virus Merci fir Är Mathëllef am Interessi vun enger gudder Noperschaft.**

FR

Chers voisins,

Nous y sommes à nouveau. La traditionnelle Fête des voisins aura lieu **le 24 mai** cette année. Comme les années précédentes, notre commune participera à ce projet aussi en 2024, qui a comme but de renforcer les solidarités de proximité. Prendre un verre ou partager un repas entre voisins permet de mieux se connaître, de créer de nouvelles solidarités et de mieux vivre ensemble.

Si vous voulez participer à cette action de solidarité entre voisins et organiser une petite fête de rencontre dans votre quartier ou votre rue, nous vous prions de bien vouloir contacter Madame Annick GUT au secrétariat communal (tél. 35 01 13 222 ou courriel: annick.gut@schuttrange.lu) **jusqu'au 19 mai 2024**. La commune vous aidera à sécuriser le cas échéant un emplacement dans votre rue. Des poubelles seront déposées comme les années précédentes.

**Nous vous remercions dès à présent de votre participation à cette initiative dans l'intérêt de la bonne entente entre voisins.**



DE

Liebe Nachbarn,

Gleich ist es wieder soweit. Dieses Jahr findet das traditionelle Nachbarsfest **am 24. Mai** statt. Wie schon seit einigen Jahren macht die Gemeinde Schüttringen auch dieses Jahr bei dem Projekt mit, welches den gemeinsamen Kontakt unter Nachbarn verbessern soll. Ein Gläschen zusammen trinken oder ein Häppchen zusammen essen bietet die Gelegenheit sich besser kennen zu lernen und neue Bekanntschaften zu schließen.

Wenn Sie Interesse haben in Ihrer Straße ein kleines Fest zu organisieren bitten wir Sie sich bei Frau Annick GUT im Gemeindesekretariat **bis zum 19. Mai 2024** zu melden. (Tel. 35 01 13 222 oder Mailadresse: [annick.gut@schuttrange.lu](mailto:annick.gut@schuttrange.lu)) Die Gemeinde hilft Ihnen Ihre Straße abzusichern um gelassen beisammen zu sein. Mülltonnen werden wie in den Vorjahren bereitgestellt.

**Wir danken Ihnen im Voraus für Ihre Mithilfe im Interesse einer guten Nachbarschaft.**

EN

Dear neighbours,

Soon it's time again. The traditional Neighbourhood Day takes place this year **on May 24th**. As the past years, the commune of Schuttrange will also participate in this project this year too. The aim is to improve the better contact between neighbours. Having a drink together or sharing a meal helps to make new acquaintances and to get to know each other better.

If you are interested in organizing a little party in your street, please feel free to contact Miss Annick GUT in the secretariat of the commune. (Tel. 35 01 13 222 or E-mail: [annick.gut@schuttrange.lu](mailto:annick.gut@schuttrange.lu)) **until 19th May 2024**. If necessary, the commune will help to secure your street to permit a relaxed atmosphere. The commune will deposit garbage bins as in previous years.

**We thank you in advance for your collaboration in the interest of a good cohabitation.**



**NUIT 2024  
DU SPORT**

15. EDITION

**MAACH  
MAT, A  
PROBÉIER  
AUS!**

**08/06  
2024**

**GRATIS  
ENTRÉE**

**UM CAMPUS AN DER DÄLLT**

**f** @nuitdusport.lu **ig** @nuitdusport

OP INITIATIV VUN

**snj** Service national  
de la jeunesse

**EL** LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère des Sports

AM KADER VUN

**# LËTZEBUERGGLIEFTSPORT**

ORGANISÉITER VUN

**S**  
Schëtter

MÉI INFOEN OP **NUITDUSPORT.LU**

## Wéi kommen ech op en Event?

Denkt w.e.g un déi douce Mobilitéit fir op déi verschidden Eventer zu Schëtter ze kommen. Hei hutt Dir en Iwwerbléck iwwert déi verschidde Buslinnen déi an der Gemeng zirkuléieren.

Profitéiert och, vu Méindes bis Donneschdes vun 8h00 bis 22h00 an Freides bis Samschdes vun 8h00 bis 1h00 Auer, vum gratis an 100% elektresch "Ruffbus Syrdall". Dir kënnt är Faart énnert der Telefonsnummer 28 108 -39 reservéieren.

**Méi Detailler fannt Dir op [www.schuttrange.lu](http://www.schuttrange.lu), Rubrik „Mobilitéit“ an op [www.mobiliteit.lu](http://www.mobiliteit.lu).**

## Comment puis-je me rendre à un événement ?

Pensez à la mobilité douce pour vous rendre aux différents événements à Schuttrange. Vous pouvez trouvé un aperçu des différentes lignes de bus qui circulent sur la commune ci-dessous.

Profitez également du « Ruffbus Syrdall », gratuit et 100% électrique, du lundi au jeudi de 8h00 à 22h00 et du vendredi au samedi de 8h00 à 1h00. Vous pouvez réserver votre trajet en appelant le 28 108-39.


**Trouvez plus de détails sur [www.schuttrange.lu](http://www.schuttrange.lu), rubrique « Mobilité » et sur [www.mobiliteit.lu](http://www.mobiliteit.lu).**

## How do I get to an event?

Please consider the gentle mobility to get to the various events in Schuttrange. You can find an overview of the different bus lines that circulate in the commune below.

Take advantage of the free and 100% electric "Ruffbus Syrdall" from Monday to Thursday from 8 a.m. to 10 p.m. and from Friday to Saturday from 8 a.m. to 1 p.m. You can reserve your ride by calling 28 108-39.

**More details can be found on [www.schuttrange.lu](http://www.schuttrange.lu), section "Mobility" and at [www.mobiliteit.lu](http://www.mobiliteit.lu).**



**Äre Veräin plangt en Event a dir wëllt äre Flyer  
am nächsten Eventblock gesinn?**

Da schéck eis dee fäerdege Fichier als PDF am A5  
op [relations.publiques@schuttrange.lu](mailto:relations.publiques@schuttrange.lu) bis spéitstens den  
**13.05.2024 fir Verdeelung vum Juni**

Nächste Mount: 10.06.2024 fir Verdeelung vum Juli

**Votre association planifie un événement et vous souhaitez que  
votre flyer soit dans le prochain Eventblock?**

Alors envoyez-nous votre fichier final en PDF au format A5 à  
[relations.publiques@schuttrange.lu](mailto:relations.publiques@schuttrange.lu) au plus tard le  
**13.05.2024 pour distribution du mois de juin**

Le mois prochain : 10.06.2024 pour la distribution du mois de juillet

**Your association is planning an event and you want  
your flyer to be in the next Eventblock?**

Then send us your final file as a PDF to  
[relations.publiques@schuttrange.lu](mailto:relations.publiques@schuttrange.lu) no later than the  
**13.05.2024 for distribution of June**

Next month: 10.06.2024 for distribution of July



# Agenda

Aktivitéiten an Evenementer an der Gemeng Schëtter

03.05.2024

**Konferenz - infomann.lu**

09.05.2024

**Marche Gourmande**

11.05.2024

**Schëtter Maart**

11.05.2024

**Fairtrade Degustatioun**

11.05.2024

**Kuchen - Bak-Concours**

11.05.2024

**Vide-Greniers**

11.05.2024

**6ème Season-Open Petanque**

12.05.2024

**Klima- a Biodiversitéitsdag**

18.05.2024

**Gala Concert 2024**

18.05 - 19.05.2024

**Bealtaine - Celtic Festival**

25.05 - 26.05.2024

**Classic Day 2024**

